LYCEE TECHNIQUE DE LALLANGE

Lycée technique de Lallange

Guide de l'élève

1. Organisatioun

1) Wann ech Hëllef brauch, kann ech mech u follgend Persounen oder Servicer wenden:

- Mäi Regent[1] ass meng Haaptkontaktpersoun wärend dem ganze Schouljoer.
- Bei perséinleche Probleemer, Ausernanersetzunge mat anere Schüler oder Nofroen zu finanziellen Hëllefe vum Staat mellen ech mech bei der Ekipp vum *Service psycho-social et d'accompagnement scolaires* (SePAS - Bloc A, 1er étage, E1 01).
- Wann ech d'Gefill hunn, a menger Formatioun iwwerfuerdert ze sinn an eventuell Amenagementer ze brauchen, schwätzen ech mat mengem Regent, deen dann entweeder mat der *Equipe de Soutien pour Elèves à Besoins spécifiques ou particuliers* (ESEB-B0 07) an/oder der *Cellule d'inclusion* schwätzt.
- Wann ech Froen zu menger berufflecher oder schoulescher Orientatioun hunn, setzen ech mech mat der *Cellule d'Orientatioun* a Verbindung. Ech kontaktéieren si per Mail (co@ltl.lu) oder huele mer an der Mediathéik e Rendez-vous.
- Wann ech e Buch ausléine wëll oder no der Schoulzäit nach e Computer benotze wëll, adresséieren ech mech un d'Mediathéik.
- Wann ech e Probleem mat mengem iPad hunn, kontaktéieren ech d'Ekipp vum LTL-one2one wärend de Permanence-Stonnen an hirem Büro A234.

2) Wann ech engem Enseignant en Dokument, z.B. eng Excuse, en Attest vum Dokter, eng Prüfung oder eng Strof muss ofginn, da ginn ech him dëst Dokument entweeder perséinlech an d'Hand oder ech ginn et am Sekretariat fir hien of.
3) Wann meng Adress ännert, mellen ech dëst direkt beim Regent an am Sekretariat.
4) Wann mir opfält, dat a mengem Klassesall oder soss anzwousch an der Schoul eppes futti gemaach gouf oder net méi funktionéiert, mellen ech dëst an der Loge vum Concierge (vis-à-vis vun der Cafeteria) oder per Mail (reparation@ltl.lu).

2. Behuelen

1) Ech hale mech un d'Reegele vum gudden Zesummeliewen an der Schoul a leeschte mäi Bäitrag zur Uerdnung an der Disziplin am Lycée. Wann ech um Schoulterrain sinn, verhalen ech mech héiflech an ziviliséiert. Ech weise mech respektvoll vis-à-vis vun alle Membere vun der Schoulcommunautéit (also net just vis-à-vis vun deenen anere Schüler an den Enseignanten, mee och der Direktioun, de Membere vu SePAS an ESEB, de Surveillanten, dem Sekretariat, der Loge, dem technesche Personal, de Botzfraen an dem Personal aus der Kantin an der Cafeteria)

[1] Fir déi besser Liesbarkeet gëtt vun hei un ëmmer déi männlech Form benotzt, fir all Geschlechter ze bezeechnen.

2) Wann ech an d'Schoul kommen, sinn ech propper a gutt ugedoen: meng Ënnerwäsch ass net ze gesinn a meng Kleeder weise keng rassistesch, sexistesch, homophob oder drogeverherrlechend Symboler. Well ech gutt Manéieren hunn, doen ech meng Kap (oder meng Mutz, meng Kaputz asw…) aus, esoubal ech an d'Schoul erakommen.
3) An de Gäng verhalen ech mech roueg a lafen net, fir esou ze verhënneren, datt Onuerdnung entsteet oder een sech wéideet. Um Schoulterrain spillen ech och keng geféierlech oder brutal Spiller, bei deene Matschüler kéinte verletzt ginn (ech stoussen a boxen net a schéissen och net mat Géigestänn).
4) Meng Paus verbréngen ech net am Klassesall, mee am Preau, an der Kantin/Cafeteria oder am Schoulhaff. Aus Sécherheetsgrënn setzen ech mech och net an d'Trapen.
5) Ech iessen an drénken (mat Ausnam vu Waasser) net am Klassesall a knätschen och net.
6) Ech hale mech un d'iPad-Charte.
7) Ech filmen a fotograféieren anerer net an huelen si och net op, wann ech heifir net am Viraus vun hinnen eng schréftlech Erlabnes ageholl hunn. Ech si mir bewosst, datt d'Verbreedung vun Opnamen, déi d'Rechter vun anere blesséieren, wäert bestrooft ginn.
8) Ech passen drop op, datt et um Schoulterrain propper bleift, also geheien ech Iessensreschter an all aneren Dreck an déi Poubelle, déi heifir virgesinn ass. Ech passen dobäi drop op, mäin Dreck richteg ze trennen.
9) Ech zerstéiere kee friemt Material, maachen näischt futti a klauen och näischt, wat engem aneren oder der Schoul gehéiert. D'Schoul ass net responsabel dofir, wa Saache geklaut oder futti gemaach ginn.
10) Sollt de Verdacht bestoen oder bestätegt sinn, datt verbuede Substanzen (Alkohol, Cannabis, CBD asw.) konsuméiert, besiess oder verkaaft ginn, gëtt dëst an all Fall dem SePAS gemellt.
11) Ech fëmmen net um Schoulterrain, also net am Gebai, net am Haff an och net ënnert dem Preau. Ech fëmme just op deene Plaze virum Agangsberäich, déi heifir virgesi sinn.
12) Ech hale mech un d'Reegelen zur Notzung vun Handyen an anere mobillen Apparater: Ier de Cours ufänkt, leeën ech déi op där Plaz of, déi heifir virgesinn ass, schalten se aus oder an de "Flugmodus" an ech notzen se just, wann den Enseignant mir dat explizitt erlaabt.

3. Prüfungen an Hausaufgaben

1) Ech hu mech fir d'Prüfungen ze presentéieren. Sollt ech net do sinn oder eng Aufgab, déi doheem virzebereede wor, net mat Zäiten ofginn, an heifir keng valabel Excuse kënne presentéieren (Krankheet, e Stierffall an der Famill oder e „Cas de force majeure"), kréien ech 01/60.
2) Wann ech wärend enger Prüfung fuddelen oder versichen ze fuddelen, kann den Enseignant mir entweeder 0 op engem Deel vun der Prüfung oder 01 op der ganzer Prüfung ginn. Ausserdeem kann hien disziplinaresch Mesuren ergräifen.

3) Wann ech um Dag virun enger Prüfung feelen, dierf ech dës am Prinzip net matschreiwen, et sief, den Enseignant géing mir ausnamsweis eng Autorisatioun heifir ginn.
4) Ech engagéiere mech, ëmmer all meng Hausaufgaben ze erleedegen

4. Absencen

1) Ech sinn um 8 Auer am Lycée a ginn, esoubal et schellt, direkt a mäi Klassesall, fir dat de Cours pünktlech um 8h10 kann ufänken.
2) Sollt ech moies oder mëttes nom Service ze spéit kommen, muss ech meng Schülerkaart am *Bureau d'accueil* presentéieren an erklären, firwat ech mech verspéit hunn. Sollt dat méi oft virkommen oder Verspéidungen vun iwwer 15 Minutten ufalen, kënnen dës als onentschëllegt Absencë comptabiliséiert ginn.
3) Sollt ech de Lycée, z.B. well et mer schlecht ass, musse wärend der Schoulzäit verloossen, muss ech mech fir d'éischt am Sekretariat ofmellen. Wann ech mannerjäreg sinn, muss ech ausserdeem meng Elteren (oder mäi *Representant legal*) telefonesch kontaktéieren.
4) Wann ech krank sinn oder aus engem anere valabele Grond net kann an d'Schoul kommen, musse meng Elteren (oder mäi *Representant legal*) nach de selwechten Dag dem Sekretariat (secretariat@ltl.lu, 559542-330) oder mengem Regent Bescheed soen. Mäi Regent muss innerhalb vun 3 Deeg eng Excuse kréien, déi meng Absence erkläert. Wann ech méi ewéi 3 Deeg krank sinn, muss ech spéitstens de 4. Dag e Certificat médical presentéieren.
5) Am Fall wou ech ze oft ouni valabel Excuse feelen, kann decidéiert ginn, datt ech dem Regent fir all zukünfteg Absence muss e Certificat médical virleeën.
6) Wann ech 60 Stonnen (am *enseignement temps plein*) ouni valabel Excuse feelen, bréngt dëst disziplinaresch Mesurë mat sech, déi bis zu engem definitive Renvoi goe kënnen.